



Zäitschrëft vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten


schwätz mat!
DENG MEENUNG ZIELT

De Platte Knuet

N°3 2015-2016



Diddelenger RaRo



Prett fir de Camp?

Tipps an Tricks



Scoutstechniken

Pouster mat Kniët



(d)eng B. A.

Kichelcher verdeelen, Groussbotz an
Hëllef fir Flüchtlingen



Ee grouesse Merci un eis Sponsoren

Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur www.bil.com ou en agence.

Retrouve-nous sur



Cette offre est soumise à conditions.
Renseignements sur www.bil.com ou en agence.

Vous avant tout



Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 - 3000 www.bil.com



Editorial

Claude Frantzen IC, Anne Blau Raro-Commissaire

Summerzäit ass Odyssee a Camp Zäit

Wann d'Schoul de 15. Juli erëm an d'Vakanz geet da ginn der hof-fentlech ganz vill vun iech op de Summercamp. Op mat de Biber oder Wëllefcher e pur Nuechten am Chalet oder enger Schéier, als AvEx mat de groussen Zelter an der Patrull heiheem oder am Ausland, oder mat de CaraPio op e flotten Tour och gäre méi wäit vun heiheem fort, oft op grouss international Campen, d'Freed ass sécher mat derbäi. Bei eise RaRo sinn et dëst Joer awer bestëmmt manner déi mat hirem lokale Clan op de Camp ginn, wëll et ass nees Odyssee-Joer.

Elo an der 6. Editioun ënnert dem Numm "Odyssee" zéien iwwer 100 RaRo a Staff zesummen an d'grouss Welt fir hire Projet ze erliewen an ze realiséieren. Esou sinn et dëst Joer Bosnien, Brasilien, Georgien, Haiti an Äthiopien, wou eis RaRo sech fir eng besser Welt wëllen asetzen. Dës Projeten hunn eng laang Virbereedungszeit hannert sech. Virun allem d' Organisatiounsequipen hu vill Versammlungen an och Visite an de Länner, wou et higeet hannert sech, a sinn elo an der leschter Ligne droite, fir dass d'Projeten erëm e groussen Erfolleg ginn. Mee och déi vill RaRo, déi als Participant matginn hu Virbereedungsweekender, Versammlungen a Fundraisieren hannert sech fir prett ze sinn op hier Odyssee.

Op esou Odysseen wëlle mir als LGS virun allem emol, dass eis RaRo mat engem groussaartegen Erlefnis heemkommen, et geet eis drëms, dass si aner Kulturen a Realitéite kenneléiere kënnen, an dat am Kader vun der Guiden- a Scoutsmethod, mat vill "Schaffen a kleng Gruppen", "Ask the Boy/Girl", a "Learning by doing". Esou eng Rees an ee Land, deem et u villem felt, mat Jonke vun dohannen zesummen liewen a schaffen, sech debrouilléiere mus-sen, an de Komfort hannert sech loossen, ass fir vill RaRo net nëm-men eng grouss Ouverture, mee och eng Erfahrung, déi si sozial an emotional immens stäerkt a vill méi "räich" mëscht. Vill Guiden a Scouten fënnt een dono och an ONGen an aner soziale Wierker erëm, d'Odyssee dréit sécher säin Deel dozou bäi. Mir wëllen awer och déi Jonken (meeschtens och Guiden a Scouten) mat deene mer zesum-me de Projet realiséieren net vergiessen, och si zéien eng kulturell Erfahrung aus dem Projet, léieren d'West-Europäer emol anescht kënnen a kënnen eppes an hirem Land fir hier Communautéit re-aliséiere, wat oft mat vill Stolz verbonnen ass. Dass esou Projeten nieft dem schaffen och nach e super flotten Camp, mat vill Aktivi-téiten, Spaass a Freed ass, ass bei eis jo wuel normal. Als Drëtt wier dann de Projet selwer: op ee Centre Communautaire, eng Therapie Reithal, een Zenter fir Jonker, eng renovéiert Schoul, geplanzte Beem

oder och nach een Formatiounszenter fir d'Scouter, ... all dëst ass de positive Nieweneffekt vun deem Echange an deem Engagement vun de jonke RaRo an deene vum Partner.

Ëmmer erëm stellen d'LGS hier Odyssee op internationale Guiden a Scoutsplattforme vir. Aner Guide- a Scoutsverbänn sinn ëmmer erëm iwwerrascht ewéi laang, professionell an erfollegräich dee kleng Lëtzebuerger Verband LGS seng Projekte mat Partner aus aller Welt realiséiert. D'LGS sinn esou am Programm "Scouts of the Wor-lid" och mëttlerweil eng Referenz.

Et ass eis immens wichteg, dass no ville Joeren Projeten am Ausland, 2017, fir eise groussen internati-onale Camp "GOUrban", vill Jon-ker vun eise Partner op Lëtzebuerg komme kënnen a mat eis dëse flotte Camp erliewen kënnen. Mir feeën eis immens si bei eis ze begrëssen. Mat verschiddenen Aktiounen wäert dir, är Elteren a Frënn, zesum-me mat eiser Fondatioun, mathëllefe kënnen, dass dës Reese fi-nanzéiert ginn.



Also, op vill flott Summercampen, Odysseen 2016 an e flotten GOUrban 2017.





Mir kruten esou vill Artikelen fir dës Plaz ze fëllen, datt mir eng extra Säit an der Zeitung dofir „hu mussen“ maachen.

E grouss Merci fir de Grupp Groussbus, Ermesinde vun Ettelbréck, Déifferdeng, Luerenzweiler an Eschduerf!

Hei kann och deng/är B. A. stoe kommen. Schéckt eis eng Foto an en kuerzen Text op platteknuet@lgs.lu!

BA fir d'Leit op der Strooss

Ettelbrécker Guiden verdeelen Kichelcher

Mir haten d'Idee, deene Léit, déi op der Strooss liewen, Kichelcher ze verdeelen. Den 30. Januar 2016 ware mir bei d'Caritas an déi zwee Caféen „Le Courage“ an „Téistuff“.

Zwee Samschdeger hu mir Quarkbällcher a vill Sorten Kichelcher gebak. Fir d'éischt si mir an den Café „Le Courage“ gaang, wou déi Léit ouni Doheem gratis ze drénken an z'iessen kréien. Am Verglach zu der „Téistuff“, déi direkt vis-à-vis ass, kënnen d'Léit hei och Alkohol konsuméieren. Op deenen zwou Plazen hunn d'Léit positiv reagéiert an hu sech gefreet. Si waren iwwerrascht, dat sou jonk Léit, wéi mir un si denken. An eis gouf et bewosst, dat mir mat Saachen, déi fir eis ganz normal sinn, hinnen eng grouss Freed kënnen maachen. E Mataarbechter huet eis alles erklärt, wéi dat do leeft an ass dono nach mat eis bei d-Croix Rouge gaang, déi iwwert d-kal Zäit vum Joer eng Wanteraktioun lafen huet. Do hu mir och nach Kichelcher gelooss fir déi Léit, déi hiren Dag do verbréngen an souguer iwwernuechten. Si kréien och hei gratis lessen an Drénken an si hunn d'Méiglechkeet hiren Dag dobannen ze verbréngen, andeems se zum Beispill liesen, Fernseh kucken, molen, Pingpong spillen oder sech einfach mat den Educatricen ënnerhalen. Sou huet och d'Tessy mat engem Här Pingpong gespillt an him soumat eng Freed gemach. Och do goufe mir frëndlech empfaangen an kruten viles erklärt.

Am Groussen an Ganzen ware mir ganz zefridde mat eiser Bonne Action an et war eng Erfahrung wäert ze gesinn, wéi den Alldag vun dese Léit ausgesäit.

Kim Frauenberg a Vanessa Peter vun den Ettelbrecker Guiden



B.A. Déifferdeng

Guiden a Scouten hëllef beim Groussbotz



Mer hunn e Samsdeg 19/03 bei der Bëschbotz organiséiert vun der Gemeng Déifferdeng matgemaach (wéi schon zanter ville Joeren). Nei war, dass mer 3 gemëschte Gruppen haten mat Leit déi am Foyer fir „demandeurs de protection internationale“ an der rue de l'hôpital wunnen.

Sonja Liesch, Gruppecheftaine Ste Barbe Déifferdeng



Hëllef de Flüchtlingen

eng Initiativ vun den Wëllefcher vun Groussbus



Als Groussbuser Wëllefcher haten mir d' Idee fir den Flüchtlingen ze hëllef. Nodeems eisen Chef zu Lëtzebuerg mat den zoustännegen Institutiounen Kontakt opgehol hat, ass hien gewuer ginn, dass zu Lëtzebuerg (zu dem deemolegen Moment) keen Material, näischt méi géif gebraucht ginn. Dorop hunn mir mat der Caritas/ALUX vun Tréier Kontakt opgehol an hunn elo mat eisem Projet mat hinnen zesummen geschafft.

Vill ass geschafft ginn an den leschten Wochen / Méint. Lass et gaangen an der Fuesvakanz. Duerch 7 Gemengen an hier Uertschaften hunn mir bei deelweis onméiglechem Wieder eis Flyer ausgedroen. Et war naass, et war kal, et huet gereent an geschneit – mee mir hunn eis net ophalen gelooss. Elo, an der Ouschtervakanz dann sinn mir mat Auto an Remorque duerch dës Uertschaften gefuer, fir d' Kleeder, d' Spillsaachen, d' Schong,..... an ze sammeln.

Eng ganz Partie ass zesummen komm, esou dass mir dann den 16.04.2016 op Tréier fueren kënnen an voller Stolz, dass mir hëllef konnt, eis Saachen dann den zoustännegen Plätzen kënnen iwwerreechen. Helping Hands – den Motto, ënnert deem dat Ganzt gelaf ass.

Mir wëllen awer och Merci soen – well ouni lech wier dëst Ganzt net méiglech gewiescht:

Merci der Gemeng vun Mäerzeg, dass si esou séier an onkomplizéiert bereet war, eis een Raum zur Verfügung ze stellen, fir déi ganz Saachen ze lagere.

Merci RTL Radio, dass hien all Dag den momentanen Stand (wou mir deen Dag ënnerwee sinn) iwwert d' Wellen eraus bruecht huet.

Merci eisen Mat-Streider aus den 'groussen Branchen', dass si eis hëllef komm sinn.

Merci den Elteren, déi eis esou fläisseg eng Hand ugepaakt hunn an eis Wëllefcher all Dag an eng aner Uertschaft op den Rendezvous bruecht hunn.

Merci awer och lech all dobaussen fir Är Spenden, fir Är Matmënschlechkeet – Merci!

Mir sinn Scouten – fir eis ass et normal, dass mir hëllef an mir maachen et och gären.

Mir wëllen just hoffen, dass mir dëst dat nächst Joer net méi brauchen ze maachen – dass déi schrecklech Ursach heivunner bis dohin eriwuer ass...

Ouschteree-Aktiounen



Hei sinn e puer Eeër vun den Ettelbrécker Guiden, et sinn der nëmmen e puer vu ronn 6000 Eeër déi mir kachen, fierwen, blénken a verkafen all Joer. Den Erléis ass deelweis fir den Odyssee-Projet Haïti a fir eng ASBL „Op der Schock“

Lis Muller-Meyrath



D'Luerenzweiler Guiden a Scouten hu mat hirer Ouschtereeër-Aktioun Suen (1.800 Euro) gesammelt fir de Plooschter Projet www.plooschter-projet.lu.

Sven Linster



D'Eschduerfer Biber bis Raro hunn alleguer matgemeet. D'Kierch zu Eschduerf gëtt renovéiert an den Erléis vun den Ouschtereeër leeë mer als kleng Geste do bäi.

Martine Stephany

6 | Platte Knuet

12. Benefiziessen fir den Niger

29. Abrëll an der Schéiss

Francine Closener, Corinne Cahen a Felix Braz am benevolen Asaz zesummen mat de Ministeren Romain Schneider an Fernand Etgen grad wéi 13 Députéierten

Fir d'Menu zoustänneg waren Léa Linster an Leo Caporale (Ristorante Brighella/Frankfurt)

Fir d' Guiden a Scouten stoungen d'Nadine, de Kim an den Egide an der Kichen. 30 Scouten hun am Service gehollef.

Den Erléis geet un d'Entwécklungs-Projeten am Niger vum Verband an vun der ONG

Merci un eis 180 Gäscht (Bravo!!), eis generéis Partner: Bernard-Massard, La Provençale, Lët. Limousinszichter, Sources Rosport, Liberté 56, Caffés Lavazza, Fleurs Welter (Käl)!

Verpasst?! Nei Chance: 5.Mee 2017



National Aktivitéiten



Albatross Treff 2016

Am Kader vun der 'Marche Internationale de Diekirch' hu sich den 20te Mee eng ronn 40 Albatrossen zu Dikrich um Heemerich getraff fir zënter laangem een Albatross Treff ofzehalen. Vu Klierf bis Bieles waren allhand Hickechte vertrueden. Déi Dikricher Hickecht huet op eng Fondue an der Jucht invitéiert. Den Owend gouf gemittlech bei deem engen oder deem aner Patt ausklénge geloos.

Wéi um leschten Chefdag ugekënnegt, hunn mer dann och de Challenge ugeholl an en Aarbechtsgrupp Albatrossen an d'Liewen geruff. Dofir och lo hei als Info den

Bilan vum AG Albatrossen 2016

Am Moment besteet dëse Grupp aus véier Memberen: Philippe Jeitz (Beetebuerg), Michel Thielen (Klierf), Pol Wagner (Dikrich) an Gino Zampicini (Käl).

Mir haten drei Versammlungen an deene mer folgend Punkten ugaangen sinn:

- D'Fiche technique fir Albatrosse gouf opgestallt.
- D'Réglement 18 iwwert d'Albatrosse gouf iwwerschaft an dem Team am Kader vun der Statutenreform geschéckt.
- Et gouf eng Lëscht vun den eenzelnen Hickechten opgestallt, déi op d'Ëmfro geäntwert hunn oder sech dono nach gemellt hunn (am Moment sinn et 16 Hickechten an 2, déi am gaangen sinn sech ze forméieren).
- Mir hunn en eegen Deel um Internetsite vun den LGS: <http://albatrossen.lgs.lu/>.
- Et gëtt en eege Facebookgrupp fir d'Albatrossen.
- Den 20ten Mee war den Albatross Treff 2016 zu Dikrich (s.o.).



JoCaPi

Et waren ongeféier 150 CaraPio an Chef aus 21 Truppen den 24. Abrëll 2016 op der JoCaPi zu Eschdurf.

Opgedeelt a 16 Ekippen waren si den ganzen Dag iwwer op eisen 8 Spillstationen ënnerwee. Vu Kajotklammen iwwer Kéisfëschchen bis bei eng béis Mausfal war alles zum Thema „Deck de Kéis“.

Fir dass een och esou richteg den Kéis konnt kréien haten mir zu Eschdurf sugger fir Schnéi gesuergt.

Gewonnen hu mat engem groussen Virsprong schlussendlech Bartreng, déi och déck motivéiert waren fir all d'Froen vun de Froebéi richteg ze beäntweren.

D'CaraPio vum Grupp St Pirmin vum Séi, Eschdurf



Platte Knuet | 7



Biber a Wëllefcher Oktav-Andacht

Wéi déi lescht Joeren och, gouf et virun der Andacht selwer e puer Atelierren als Virbereedung. Grousst Thema war dëst Joer: Zäit. An engem flotten Spill hunn d'Biber an d'Wëllefcher probéiert eraus ze fannen, wéini een besser schafft: mat Stress an enner Zäitdrock oder roueg a konzentréiert? Si hunn sech och Zäit geholl, engem aneren eng Freed ze maachen. All Kand huet eng kleng Auer gebastelt, déi no der Andacht un en anert Kand verschenkt gouf. Wat ass fir mech eng gutt Zäit, wat ass eng schlecht Zäit? Och doriwwer goufen sech an engem Atelier Gedanke gemaach. An enger flotter, lieweger Andacht, mat iwer 200 Biber a Wëllefcher, an och villen aneren Leit mat Kanner, gouf sech weider mam Thema Zäit beschäftegt.



Wëllefchers-Rallye de 5. Juni zu Houwald

Iwwer 500 Wëllefcher hunn um Wëllefchers-Rallye deelgeholl. D'Ruddel vu Réimech huet deen éischte Präis gewonnen. Mir freeën eis schonn op dee Rallye nächst Joer!



Bealtaine 2016 en absolut Rekordjoer

Super Stëmmung

853 Kanner, déi beim Programm matgemaach hunn, neie Rekord ëm 5.400 Visiteuren, sou vill wéi och déi lescht sonnég Editioun enorm Quantitéiten un lessen a Gedrénks



Formatiounen

STAP 2016

30. März – 6. April
zu Bilschdref, 14 Kandidaten



©Jules Foxius

Gruppechef-Formatioun 2015/16

D'Gruppechefformatioun 2016 war an 2 Hauptdeeler opgedeelt: den „administrativen Dag“ den 23.1.16 an der Géisserei an de Formatiouns-Weekend de 16./17.4.16 um Neihaischen. Doniewt waren och nach d'Renconteren zu Schöffeleng (November 2015) an um Neihaischen (Mai 2016).

16 Kandidaten vun iwwerall aus dem Land an natierlech och d'Gruppecheffséquie ware mat dobäi.

„Administrativ Dag“ héiert sech net grad spannend un, mee et war en interessanten Dag mat enger Virstellung/Visite vun der ganzer Géisserei, enger Introduktioun an d'Welt vum Memberfichier, eng Opfrëschung vun de Methode vun alle Branchen, asw.

Am April war et dunn um FormatiounsWeekend um Neihaischen.

Um Programm stoungen vill Sessiounen: Teambuilding mat ville prakti-

sche Beispiller, Konflikter am Grupp mam Cathy, d'Roll vum Gruppechef, Nooffollech am Grupp, ee méi spirituelle Moment ënnerwee am Bësch, Kommunikatioun am Grupp, iwwert Kommunikatioun mam Roy Grotz, déi verschidden Aarte vu Bilan. De ganze Programm ass ouni Stress, eent an dat anert gaangen.

Fir déi néideg Oplockerung war awer och gesuergt. Et gouf e permanente Kaffiseck, gutt a vill lessen an e flotten Owend am Keltenhaus. Des Momenter ware wäertvoll fir eis auszetauschen a nei Ideen ze kréie wéi z.B. an aner Gruppen d'Roll vum Gruppechef ass oder wéi de Grupperot ofleeft. Et war mol eng Kéier ganz agreabel sech ëm näischt mussen ze këmmern an et huet Freed gemach kënnen dobäi ze sinn.

Niki, Grupp Ermesinde Ettelbréck



Kanu-Dag 2016

23. April um Neihaischen
21 Kandidaten, 8 Atelieren



©Klood Pirsch

Avex-STIP 2016

07.-10. April um Neihaischen
21 Kandidaten



Gilwell 2015–2016

1939 gouf schonn déi éischt Gilwell-Formatioun a Lichtenstein mat de Lichtensteiner Pfadis organiséiert. De Kontakt ass gebliewen an ëmmer rëm gouf d'Formatioun zesummengehalen, wéi och 2015-2016.



Prett fir de Camp?

Tipps an Tricks

Wat s de mathëls hänkt natirlich dovun of, wou d'Rees higeet, a wéi laang se dauert. Iwwerlee dir genau wat s de brauchs a wat net! Wa gewosst ass, datt s de iwwerall dobanne schlofe kanns, brauchs de z.B. keen décke Schlofsak fir dobausse matzeschleefen, mee een dënne fir dobannen. Sou spuere de vill Plaz a Gewiicht. Och braucht een op engem Hike vun 2 Deeg keng 6 T-Shirten, 4 Ploweren, Bigudien an Neellack. Kuck datt s de den absolute Minimum zesummepécks an duerno kann een dann iwwert Luxusartikelen diskutéieren. Wichteg: Kuck am Viraus wouhin et geet a wéi d'Klimaverhältnisser do sinn !

Hei ass eng Lëscht mat Material:

(d.h. du léisst dat ewech wat s de net brauchs!)

Noutfall: Handy! (+evtl. Akkupack resp. Lueder), LGS-Nouttelefon, Tel.-Nr. vu Klinike resp. Dokteren aus der Emgéigend, Tel.-Nr. vun den Elteren, Tel.-Nr. vun de Chef, Tel.-Nr. vum Bedreier vun der Campplaz, 1. Hëllefkit, kleng Apdikt, Blooderplioschteren, ...

Paperassen: Carte d'identité, Krankekeesekärtchen, Air-Rescue-Kaart, evtl. Pass, Aut. parentale, Suen, Bancomatskaart resp. Visaskaart, ...

Oriëntatioun: Beschreiwung vum Wee, Landkaart, GPS, Kompass, Réimer, ...

Hygiène: Schäisspabeier, Zännbisch, Zännseef, Duschgel, Buedduch evtl. Schwammbox, Schnappecher

Kleeder waarm: T-Shirten, kuerz Boxen, ...

Kleeder kal: Plower, laang Boxen, ...

Ënnerwäsch: Strémp, Kalzongen/Slip, evtl. Thermoënnerwäsch, ...

Kleeder allgemeng: Funktiounsbox, Reejackett, Fleece, Mutz/Kap, Buff, Händschen, Stierband, Poncho, Rein in der Tube, ...

Ravi: Bidon (mind. 1L), Kleng Moolzecht, Gazkocher, Ersatzpatroun resp. Bensin, Gamelle, Kichenduch, Becher, ...

Schung: Tréppel- oder Biergschung, evtl. Funktiounsstrémp, fir Dobannen: Schlappen oder Hausstrémp, ...

Allerlee: Täschmesser, Täscheluucht (kompakt!), Sonnebrëll, Kueltabletten, Tuten, Bitzgeschiir, Prabbeli, kleng Fotoapparat, Ouerestépp, Kabelbinder, Fixfeier, Block a Bic, Auer, eppes géint Mustiken, Auer/Wecker, Gaffatape, Ficelle...

Schlofen: Schlofsak ("Hüttensack", Biwak,...), Inlay, Isomatt, Zelt, ...

Natierlech variéiert dës Lëscht ofhängeg vun de Wiederbedingungen a vum Zweck. Wann s de mam Vélo ënnerwee bass, brauchs de nach zousätzlech Material fir de Vélo. Dat selwecht gëllt fir deen, dee klamme geet, dee säi Klammgeschier braucht.

Tipp: Pak Saachen an Tuten an. Sou bleiwe Kleeder dréche falls de Rucksak sollt naass ginn, resp. Zännseef leeft net an de ganze Rucksak wann den Tube zerdréckt gëtt. "Dry Bags" si praktesch, se halen deng Saachen drécken an du kriss deng Kleeder mi kompakt agepaakt.

Dës Informatiounen an nach vill méi fënns de z.B. bei Deuter um Site. Hei fënns de och Paklëschten a Videoen:

<http://www.deuter.com/DE/de/rucksacktipps.html>

<http://www.radundfuss.de/theorie-praxis/tipps-infos/nie-wieder-frieren>

<http://www.teilzeithelden.de/2014/05/22/warme-nacht-trotz-zelt-tipps-vom-pfad-finder/>

Rucksak paken, eng Konscht fir sech !



De Shop

5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg
Tel. 26 94 84 31, Fax 26 94 84 32
www.lgs.lu/shop, shop@lgs.lu

De: 15.00-18.00
Do: 15.00-18.00
Sa: 09.00-12.00
De Shop ass an de
Vakanzen zou!

Ausnahmsweis ass virun der grousser Vakanz Samsdes 16. Juli op.
Dat ass de leschten Dag am Guide/Scouts- Joër 2015/16.
Den 1. Dag am neie Guide-Scouts-Joër ass Samschdeg 18. September 2016.

Uewen: hei kommen alleguer déi Saachen hin déi kleng sinn oder een ënnerwee brauch an déi liicht zougängelech musse sinn: Portemonni, Händschen, Handy, GPS, Kaarten, Brëll, Sonnecrème, ...

Hanne bei de Réck (rout): Hei kommen alleguer déi schwéier Saachen hin: Zelt, Proviant, déck Jacketten, ...

Vir (gréng): Hei kommen déi mëttelschwéier Saachen hin: Kleeder, Gamelle, 1. Hëllefkit, Zännbisch&co., ...

Ënnen: Hei kommen alleguer déi grouss a liicht Saachen hin: Carrymatt, Schlofsak.

Opgepasst: Vermeid Saache baussen hinzepaken. A wann et net ze vermeiden ass, kuck datt se fest sinn an net déi ganzen Zäit ronderëm baumelen.

Wéi stellen ech mäi Rucksak richteg an ?

Tipp: D'Astelle geet am einfachsten, wann s du zu zwee bass.

1. **Ufank:** Pak de Rucksak fäerdeg. Alleguer d'Gurter déi dofir geduecht si fir d'Deckelen zou ze maache fest zéien. Zitts de ee Gurt un, ass vläicht een aneren erëm labber. Du wäers also méi oft d'Gurter nozéie mussen !

2. **Reset:** Maach alleguer deng Rimmer bësse lass. (Net ganz erauszéien...)

3. **Undoen:** Do de Rucksak un.

4. **Hëftgurt op d'Hëft setzen:** Wann en ze héich ass, an du zitts en zou, mierks de, datt däi Bauch zesumme gedréckt gëtt. Wann en ze déif ass, mierks de, datt däin Hënner zesumme gedréckt gëtt an duerno beim Goe schautert en ze vill !

5. **Hëftgurt fest zéien !**

6. **Schëllergurter fest zéien:** Schëllergurter nëmmen sou fest zéien, datt weiderhin d'Gewiicht op der Hëft bleift.


7. **Stabiliséierungsgurter:** zitts de déi fest, sëtzt de Rucksak méi stabil. Méchs de se bësse lass, hues de méi Bewéigungsfräiheet. Ënnerwee kanns de se lass an erëm fest maachen. De Wiessel vun de Belaaschtungen tëschent Schëller an Hëft mëscht, datt s du de Rucksak mi laang droe kanns.

8. **Broschtgurt:** soll och fest gezu ginn. Awer nëmmen sou wäit, datt deng Schëllergurter op der richteger Plaz sinn, also net ze wäit no bausse rutschen. Pass och op datt de Broschtgurt op der richteger Héicht ass ! (Virun allem eis weiblech Wanderer kënnen ee Lidd dovun sangen.)

Looss genuch Plaz tëschent dem Rucksak an dem Réck. Sou kriss de Réck net sou séier naass.



STAP 2016



www.deuter.com

Schlofsak — Wéi bleift ee waarm ?

Mir hu schonn alleguer déi eng an déi aner Nuecht an eise Schlofsak gezidert. Hei si puer Tipps wéi een dat vermeide kann:

Dee richteg Schlofsak: All Schlofsak huet seng "Comfortzone". Dëst sinn allerdéngs Richtwäerter, jiddereen huet säin eegent Temperaturgefill. Wann dir ëmmer kal ass, muss de kucken ee Schlofsak ze kréien, dee méi waarm hält. Tipp: en Inlay (oder Inlett, eng dënn Cottengsschicht, deen een an de Schlofsak leet) bréngt bis zu 5° méi.

Lee dech net schlofe wann der scho kal ass: Wann s de schlofe geess, an dir ass et scho kal, da këns de net gutt op Temperatur. Tipp: Dréck eppes Waarmes virum schlofe goen oder beweeg dech virdrun.

Richtig Isomatt: De Schlofsak isoléiert just do, wou seng Fëllung isoléiere kann, d.h. iwwerall do wou s du net drop leis. Fir de Rescht auszegläiche n, brauchs de eng gutt Isomatt, déi d'Keelt vum Buedem ewech hält. Tipp: Du kanns och deng Jacketten a Kleeder ënnert de Schlofsak leeë fir d'Isolatioun ze verbessern.

Ausdoen: Diskussioun, ob een am Schlofsak just Ënnerwäsch soll undoen, ass sou al wéi d'Schlofsäck selwer. Wann s du erausfënns, datt et dir mat T-Shirt a kuerzer Box méi waarm ass, dann do se dach nëmmen un ;) Tipp: Wann s du oft kal Féiss kriss, da lee eng waarm Jackette op deng Féiss.

Zou maachen: Wann däi Schlofsak net richteg zou ass, da geet d'Hëtz eraus. Dëst mierks de relativ gutt, wann däi Schlofsak just bësse op ass an ufänks dech ze beweegen, da këns d'waarm Loft aus dem Schlofsak raus. Maach zou an d'Hëtz (och wann et der evtl. net vill ass) bleift dobanne.

Hausmëttel: Du kanns dir och waarmt Waasser an de Bidon fëllen oder ee Steen an d'Feier leeën an deen dann an de Schlofsak leeën. Opgepasst: pass op, datt däi Bidon dicht ass, soss verbrenns de dech gutt a däi Schlofsak gëtt naass! Och de Stee soll net ze gliddeg sinn! Huel keng Waassersäck, dës si bei héijen Temperature geféierlech a kënnen opfueren !

Zelt: Déi eng Zelter halen d'Hëtz besser wéi déi aner. Summerzelter hu mat hiere Moskitonetzer a grouse Belëftung bei waarme Wierder de Virdeel, datt se gutt belëft sinn an esou d'Hëtz net gehale gëtt. Dëst ass awer fir de Wanter ee groussen Nodeel. Pass dofir op, wéi een Zelt s de benotz.

Moies: Lee deng Kleeder, déi s de den Dag duerno undoe wëlls an de Schlofsak. Déi hëllef isoléieren a si moies fréi net kal a fiicht.

Pol Wagner, Dikrich

Gutt ënnerwee!



Informatioun a Reservatioun
Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locationen
© (+352) 26 65 11
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)
www.sales-lentz.lu



Sales-Lentz
moving people



Scoutstechniken

Foulardsrank - ee Challenge fir Dech?




De Brëllage




Campkichen

Kichen ouni Kniet


Fir unzufänke leet een zwou laang Staange parallel op de Buedem. Si sollte mindestens 2,5 Meter laang sinn. Wichtig bei dëser Konstruktioun, et sollte wann méiglech keng glat a komplett riicht Staange verbaut ginn. De Prinzip vun der Konstruktioun läit op verkäilen a klemmen.




4 méi kuerz Staange ginn niewendrun geluecht, sou dass een se direkt huele kann soubaal ee se brauch. Bei dëser Konstruktioun ass Preparatioun ganz wichtig.




Eng Staang (Querstaang) déi op d'mannst sou breet ass, wéi déi ganz Konstruktioun, gëtt ënner déi 2 laang Staangen op all Säit geluecht. Déi 4 Poteaue kommen ënnert Querstaangen.




Dëse Schratt ass dee wichtigsten a komplizéiersten. Dofir muss een zu zwee sinn. Eng Persoun hieft déi zwee Poteaue op. Déi aner Persoun leet parallel zou der Querstaang eng weider Querstaang dran. Wann déi eng Säit




fäerdeg ass, gëtt dat selwecht nach eng Kéier op der anerer Säit gemaach. Wichtig ass, dass Poteaue fest am Buedem verkäilt sinn. Mat dem Verréckele vun de Querstaangen, also méi no beieneen oder auserneen, kann d'Héicht vun der Plattform verännert ginn.




Eng Schicht Brieder déngt dozou déi iewescht Querstaangen sou ze blockéieren, dass se net méi verréckelen kënnen an als flotten Nieweneffekt erginn déi Brieder eng gutt Aarbeschtsplattform.



Eis Konstruktioun ass elo stabil a ka gutt belascht ginn. Dräi Zille kommen elo drop, sou breet wéi Griller déi uewendrop leie kommen.



Zwëschen den Zille gëtt elo mat Bulli gefëllt. Wat méi wat besser, sou kann ee d'Gefor vum Sickerbrand däitlech reduzéieren. Fir de Bulli gutt haart ze kréie kann direkt op den naasse Bulli ee Feier gemaach ginn an dat mindestens 2 Stonnen brennen loossen. Griller drop a fäerdeg ass eis Kichen ouni Kniet.



Pol Wagner, Robert Soumer

STAP 2015



Kachen um Feier

mam Christopher Sirres

Wupp am Deegmantel mol aneschtters

Wupp (zB. Mettwurst oder Thüringer)
Pizzadeeg oder Broutdeeg

Material

Ungespëtzten Bengel
Holz fir Feier
Fixfeier
Pabeier

Zoubereedung

1. Een Feier ufänken an waarden bis er Glous hutt
2. Braucht der een Passenden Bengel deen ugespetzt ass.
3. Wupp opspießen bis wurscht richtig fest setzt.
4. Ubroden vun der wurscht bis bal gutt ass
5. Den Deeg ronderëm Wurscht wéckelen.
6. Wuppt mam Deeg iwwert Feier halen bis den Deeg Goldbrong ass.



Eeër a Paprika

Paprika
Ee, Salz, Pfeffer

D'Ee gëtt mam Salz a Pfeffer opgeklappt an a d'Paprika gefëllt. D'Paprika gëtt an d'Glous gestallt fir ongeféier 10-12 Minutten. Déi schwarz Haut kann een dono liicht erfzëien.



Fäerdeg Gudden Appetit

Bon-a-bon-a-petit!

A Frëndschaft zesummen iessen




Klangschuel

Virum lessen, wa jiddereen op senger Plaz ass, da sti mir zesummen op, ee schléit Klangschuel, a mir erliewen e Moment vu Stéilt, esou laang bis mir den Toun net méi héieren. Während dëser Zäit kënnen mir a Gedanke fir dat Merci soen, wat mir bis elo zesummen erlieft hunn.



Blumm

Zeechen op e Blat eng Blumm a mol se mat Bläistëftsfaarwe faarweg. An d'Mëtt kanns du en Zitat schreiwe, wat op dat passt wat dir grad zesummen um Camp erlieft. Fal d'Blumm zesummen, huel eng kleng Schësselche mat Waasser. Wa jiddereen um Dësch ass da setz d'Blumm op d'Waasser a waard a Rou bis se opgeet a jiddereen d'Zitat dat s du erausgesicht hues, liese kann. Du kanns och méi Blumme bastele fir op den Dësch mat verschiddenen Zitater.



Dëschset

Op engem DINA4 Blat kanns du en Dëschset, fir den Teller drop ze setzen, entwerfen. Domat kanns du den Dësch flott dekoréieren. Wann mir elo zesummen um Dësch sëtzen, da kanns du dengem Dëschnoper spontan eppes op d'Recksäit schreiwen, wat s du un him ze schätze weess.

C'est la chaussure qui fait l'allure

C'est l'assurance qui fait la voiture



LALUX est une marque du Groupe LA LUXEMBOURGEOISE

Votre **nouvelle voiture**, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté !

- Grâce aux formules '**Performance**', '**Confort**' et '**Sécurité**', **easyPROTECT-Auto** s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- **easyPROTECT-Auto**, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels : rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.









easyPROTECT-Auto, c'est **votre choix de qualité** ! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client

 **lalux for you**

sur www.lalux.lu

lalux - meng Versécherung



Buttons Game

E flott Kaartespill fir Ënnerwee a fir de Camp

2-4 Spiller
10 Minutten

Virbereedung

Mëscht d'Kaarten a lee 1 Kaart verdeckt an d'Mëtt vum Dësch. Et soll een am Spill erausfannen wéi eng Kaart do läit. Niewent dës Kaart ginn elo souvill Kaarten, wéi Spiller matspillen, oppen higeluecht. De Recht vun de Kaarte gëtt gläichméisseg ënnert de Spiller opgedeelt. (Bei 4 Spiller kritt jiddereen 2 Kaarten, bei 3 Spiller 3 a bei 2 Spiller 5.)

Spillzuch

Wann een um Zuch ass muss een 1 vun dësen Aktiounen ausféieren:

1. Info austauschen: Tausch 1 Kaart mat engem anere Spiller. D'Kaarte gi verdeckt ausgetosch an dono mateneen an d'Hand geholl.
2. Tausch déi oppe Kaarten an der Mëtt: Tausch 1 Kaart vun deenen oppene Kaarten aus der Mëtt mat 1 Kaart aus denger Hand.
3. Geheimnis verkafen: Weis engem Spiller 2 Kaarte vun dir. Deen aner Spiller muss mat "JO" oder "NEE" äntwerten, jee nodeem ob hien eng Kaart huet, déi der Zomm vun dësen 2 Kaarten entsprécht. Wann seng Äntwert "JO" ass, muss hien 1 Kaart mat dëser Zomm mat 1 Kaart vun dengen 2 gewisene Kaarten tauschen. Dës ganz Aktioun bleift fir déi aner Spiller geheim.

Schlusszuch

Nom Ausféiere vun engem Spillzuch, kann een déi verdeckte Kaart probéieren erauszefannen.

Lee 2 Kaarten oppen nient déi verdeckte Kaart an der Mëtt. Kuck d'Kaart, ouni datt aner Spiller d'Kaart gesinn. Ass dës Kaart gläich d'Zomm vun dengen 2 Kaarten hues du d'Spill gewonnen. Wann net, da bass du aus dem Spill a muss all deng Kaarten oppe virun dech leeën. Aner Spiller kënnen nach ëmmer mat deng Kaarten tauschen.

Kaarteniwwerbléck

D'Kaart 0 gëtt et 4 mol
D'Kaart 1 gëtt et 3 mol
D'Kaart 2 gëtt et 2 mol
D'Kaart 3 gëtt et 2 mol
D'Kaart 4 gëtt et 1 mol
D'Kaart 5 gëtt et 1 mol

Tipp

Ier s du d'Kaarten ausschneids, pech d'Säiten op e Kartong oder du kanns si och laminéieren, wann s du d'Méglechkeet hues, da halen d'Karte méi laang.

Vill Spaass beim Spillen, är CaraPio Ekipp.

Ech kennen e Spill am Waasser a weisen et deenen aneren

Ee Schrëtt aus dem Pistebichelcher

Am Pistebichelchen vun de Wëllefcher gëtt et an der BAGHEERA-Pist de Schrëtt: „Ech kennen e Spill am Waasser a weisen et deenen aneren“. Op dëser Säit proposéiere mir dir e puer Waasserspiller, déi s du mat deenen aneren Wëllefcher spille kanns, am beschten um SUMMERCAMP ☺ ☺.

Wéi kanns du viergoen?

1. Mierk dir dat Waasserspill, wat dir am beschten gefällt!
2. Ziel dengem Chef dovunner a schwätz mat him of, wéini s du dat Spill mat deenen aneren Wëllefcher maache kanns (villäicht um SUMMERCAMP, dee lo virun der Dier steet ☺ ☺!)
3. Denk dir aus, wéi s du deenen aneren Wëllefcher dat Spill erklärs a besuerg dir all eventuellt Material. VILL SPASS BEIM SPILLEN!!!



Ee Waassermonster

Waasser-Staffel-Spiller



Schubkaar-Waassertransport

Falls dir keng Gummistiwele, mee awer villäicht 2 Schubkarren hutt, kënnst dir dat nächst Spill spillen. Et gëtt och als Staffel an an 2 Gruppe gespillt. An all Grupp sëtzt deen éischten Wëllefchen sech an d'Schubkaar, mat engem gefüllten Eemer Waasser um Schouss. Deen zweeten Wëllefchen muss lo d'Schubkaar duerch/iwwert een Hindernis-Parcours féieren, wou d'Waasser zum Schluss an eng Biitchen geschott gëtt. Da fueren déi 2 séier zrëck bei hier Grupp an déi nächst zwee Wëllefcher sinn un der Rei, asw...

An och hei ass déi Grupp, déi zum Schluss am meeschte Waasser an der Biitchen huet, gewonnen ☺ ☺!

A falls dir keng Schubkaaren hutt, kënnst dir ärt Waasser natirlech och anescht transportéieren (z.B. den Eemer Waasser um Roller,...)

Material: 2 Schubkaaren, Eemer, 2 Biitercher

Gummistiwele- Waassertransport

Et ginn 2 Gruppe gemaat. An all Grupp deet deen éischten Wëllefchen 2 Gummistiwele un, leeft domadder Waasser huelen (aus engem Weier, grouss Biitercher,...), kënnst iwwert ee Parcours zrëckgelaf a schëtt d'Waasser aus dem Stiwele (ouni de Stiwele mat der Hand unzepaken) an eng Biitchen. Dann deet e séier d'Stiwelen aus a gëtt deem zweeten a senger Grupp se, asw... Déi Grupp, déi zum Schluss am meeschte Waasser an der Biitchen huet, ass gewonnen ☺ ☺!

Material: 4 Stiwele, 2-4 Biitercher



Schwammstaffel

Et gëtt an e puer Gruppe gespillt. All Grupp stellt sech an eng Rei. Deen éischten aus all Grupp zappt ee Schwamm an en Eemer Waasser. Da gëtt dee mat Waasser gefüllte Schwamm vun engem zum aneren geworf, dee leschten dréckt de Schwamm an hierer Biitchen aus. Deen „eidele“ Schwamm gëtt rëm no vir geworf a jiddereen réckelt ee Spiller weider. A rëm emol ass déi Grupp gewonnen, déi zum Schluss am meeschte Waasser an der Biitchen huet ☺ ☺!

Material: 2 Schwämm, 2-4 Eemer/Biitercher



De Biber

Gebuertsdays-Geocache



Wat ass dat?

E Geocache ass näischt aneshtes wéi e verstoppte Schatz. Zesumme mat denge Biberfrënn kanns du dech op d'Sich no engem klenge Gebuertsdagsschatz maachen. Elo frees du dech sécher firwat dauernd vu Gebuertsdag geschwat gëtt? De Grond ass ganz einfach: viru genee 20 Joer goufe bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten d'Biber gegrënnt. Dëse Geocache ass eng Iwwerraschung vun der Biber-Ekip fir d'Biber (an natierlech och fir soss jiddere ☺ ☺) aus dem ganze Land.

A wéi geet dat elo?

Alleng no engem Schatz ze sichen ass langweilig, oder? Dofir fro mol an denger Biberfamill no, ob se net Loscht hunn, fir zesumme mat dir op d'Sich ze goen? Wann dir de Schatz zesumme fonnt hutt, da waard bestëmmt och e klenge Udenken un d'Äbenteuer ob iech. Weider Informatiounen an der genaue Startpunkt vum Geocache kritt dir bei äre Cheffen oder andeems dir de QR-Code op dëser Säit mat engem Handy scannt ☺ ☺.

Firwat soll ech do matmaachen?

D'Biber si virwëtzeg an ëmmer bereet nei Saachen ronderëmmer kennen-zelären. Maach och du mat bei dëser Sichaktioun an erliefe zesumme mat denge Frënn eng flott Scoutsaktivitéit an der Natur. Wann der de Schatz fonnt hutt, da schéckt eis eng Foto vun iech mam Schatz op biber@lgs.lu. Mir weisen déi schéinste Fotoen am nächste Platte Knuet ☺ ☺.

biber.lu



Roverino

E Spill fir de Camp



Regelen

Dee Spiller deem de Roverino an der Hand huet dierf net méi wéi 3 Schrëtt domat maachen an en dierf de Roverino net méi wéi 5-6 Sekonnen an der Hand halen. De Spiller deem de Roverino an der Hand huet dierf vun anere Spiller net ugepaakt ginn. Hien dierf de Roverino och net aus der Hand gerappt kréien.

De Roverino dierf just mat den Hänn geschoss ginn net mat de Féiss. Et muss een de Roverino un ee Member vu senger Ekip weider schéissen et dierf een en awer ni un deem zeréck schéisse vun deem een e grad kritt huet. De Roverino muss och geschoss ginn et kann een e net einfach weiderginn. Wann de Roverino op de Buedem fält da kritt di aner Ekip en a kann e weider schéissen.

D'Spill soll fair sinn et dierf een di aner Spiller net stoussen oder drécken oder hinnen de Fouss stellen.

De Kinnek steet a senger Zon um Terrain (Hallefkrees) an huet ee laange Bengel an der Hand. Seng Aufgab ass et de Roverino mat deem Bengel opzefänken. Hien dierf dofir awer net aus sengem Beräich erausgoen. Fir d'Spill méi einfach ze maache kann een och soen dass de Kinnek de Roverino an der Loft just mam Bengel muss beréieren.

D'Ekip kritt ee Punkt wann de Kinnek de Roverino opgefaangen huet (oder ebe beréiert wann een déi einfach Variant wielt). Duerno dierf déi aner Ekip de Roverino vun der Mëttellinn aus aschéissen. Et muss awer mindestens eng Pass op ee Matspiller gemaach ginn iert een dierf op de Goal schéissen.

Wann de Roverino an d'Aus geschoss gëtt dann dierf déi géigneresch Ekip de Roverino erëm vun do, wou en aus dem Terrain geflunn ass, aschéissen. Deen Worf dierf awer net direkt op de Goal goen. Wann 2 Spiller de Roverino gläichzäiteg fänken da kritt en Arbitter en erëm an hie schéisst en an den Terrain an d'Spill geet erëm normal wieder.

Vill Spaass wëncht iech är Avex-Ekip!



Mäi Volontariat am Senegal

Spiller aus Senegal fir de Camp



Säit dem 1. März sinn ech am Senegal zu Mboro, enger Stad déi ronn 100 Km nördlech vun Dakar bei der Küst leit. Do huet JED Jeunesse et Développement, ONG vun de Eclaireuses et Eclaireurs du Sénégal a Partnerorganisation vun der ONGD Guiden & Scouten fir ENG Welt nämlech 3 Projeten un deenen ech bedeelegt sinn: de CIfOP (Centre International de Formation Pratique), de CREPE (Centre de Ressources Educationnelles et de Promotion des Enfants) an de Projet Jappoo.

Am CIfOP maachen eng 150 Jugendlecher en praktesch Ausbildung, ronn d'Halschent vun hinnen schléift och do an Dortoiren. Meng Kummer ass och um Terrain vum CIfOP a bal all Owend verbréngen ech mat de Schüler an den Dortoiren.

De CREPE ass eng Schoul an der ongeféier 100 Kanner am Alter vu 5 bis 15 Joer innerhalb vu maximal 2 Joer op den Niveau vun der ëffentlecher Schoul bruecht ginn. Ausserdeem sinn och e puer mental a kierperlech benodelegt Kanner an de Klassen opgedeelt.

De Jappoo ass engersäits e Restaurant an e Cybercafé an anerersäits e Projet dee ganz breetgefächert ass. An de Beräicher Alphabetisatioun, Opklärung iwwer d'Gesondheet, schoulesch Orientatioun a villfälteg Ënnerstëtzung fir ëffentlech Schoulen profitéieren all Joers honnerte vu Leit vun deemem Projet.

Mäi Projet besteet doranner déi 3 genannte Strukturen ze ënnerstëtzen a gläichzäiteg kann ech der ONGD G&S fir ENG Welt bei der Ëffentleckeetsaarbecht behëlleflech sinn. Am CIfOP maachen ech e bëssen Englesch a Sport an ech sinn dobäi mat de Schüler e bessert Offallsystem (mat Recyclage) auszeschaffen. Am CREPE maachen ech Informatik a Sport mat de Kanner. Am Moment üben ech zum Beispill mat hinnen Akrobatik-Pyramiden fir d'Porte Ouverte. Fir de Jappoo ginn ech an enger Primärschoul, an der kierzlech en Infossall ageriicht ginn ass, Informatikskueren. Ausserdeem ginn ech de Formateuren Excelskueren an ech schaffen en Informatikskuer aus, deen an Zukunft ka genotzt ginn.

Jiddefalls ass et en interessant Erliefnes mat villen Erfahrungen, duerch déi ech vill bäileieren. Dozou gehéiert zum Beispill sech net ze vill ze stressen a sech Zäit ze huelen, fir mat de Leit ze schwätzen an Téi ze drénken.

Sam FABER



28 | Platte Knuet



29 | Platte Knuet

Hindernisstafel am CREPE

Altersklass

Wëllefcher/Avex

Material (Fir all Ekip vum allem eppes)

Räis- oder Gromperesäck
Läffelen
Zitrounen oder Eeër
Bitercher
Becheren

Virbereedung

D'Spillefeld ass agedeelt an esou vill Couloiren wéi et Ekippe gëtt. Op enger Säit vum Terrain sinn all d'Ekippen déi matmaachen mat hirem Räis- oder Gromperesäck. An der Mëtt vum Terrain huet all Ekip e Läffel an en Ee oder eng Zitroun am Couloir leien. Um Enn ass eng mat Waasser gefüllte Biitchen, eng Waasserfläsch an e Becher.

Oflaf

Soubal de Chef päift geet d'Course lass. Den 1. Spiller vun all Ekip klëmmt a säi Säck a spréngt bis an d'Mëtt vum Terrain. Do hält en de Läffel an de Mond a balancéiert d'Zitroun oder d'Ee doroper bis een um d'Enn vum Couloir bei der Biitchen ukomm ass. Mat engem Becher fëllt de Spiller d'Fläsch komplett mat Waasser a schëtt et dono nees zréck an d'Biitchen. E balancéiert elo nees de Läffel bis an d'Mëtt, spréngt mam Säck bis un den Ufank a klappt den nächste Spiller of. Déi Ekip, bei der als éischten all Spiller de Parcours gemaach huet, gewënnt.

Kiermes à la sénégalaise

De 5. März huet de FOSCO (Foyer socio-éducatif des élèves) vum CIfOP, e Grupp vu Schüler dee sech ëm eng ganz Réi vu Saache këmmert (Fussballschampionnat tëscht Sektouren, Reboisement, Ofschlossfest, ...) eng Kiermes organiséiert fir Suen fir d'Ofschlossfest ze gewannen. Et waren dann och vill motivéiert Kanner laanschtkomm. De Prinzip huet mir gutt gefall, a vläit inspiréiert dech dat jo fir wann s du eng Kéier eng Kiermes mat dengem Scoutsgrupp organiséiers!

Prinzip

Insgesamt gëtt et 6 kleng Spiller/Erausforderungen. Fir eng Kéier ze probéieren bezilt een 100 Francs (+/- 15 Cent). Wann een all Spill packt d'äerf ee bei den Dësch mat de Séissegkeeten, déi ee ka gewanne, goen. Do zitt een e Lous. All Lous huet eng Nummer déi enger Séissegkeet entsprécht, déi een da gewënnt.

Déi verschidde Spiller + Material

Basket

Basketball an e Kuerf schéissen (1 Versuch)
Material: Basketball, Basketskuerf

Fussball

Fussball duerch en Autosreef schéissen (2 Versuch)
Material: Fussball, Autosreef

Keelen

All d'Keelen ëmschéissen (2 Schëss)
Material: 6-8 Keelen, 1 klengen Ball

Käerzen ufänken

All d'Käerzen mat engem Fixspoun ufänken (1 Versuch)
Material: 10 Käerzen, kleng Fixspéin

Bécheschéissen

All d'Béchsen ëmschéissen (2 Schëss)
Material: 10 Béchsen, 1 Tennisball (o. ä.)

Schnouer duerchschneiden

Mat verbonnen An + ouni oftaaschten eng Séissegkeet, déi un enger Schnouer hänkt, ofschneiden
Material: genuch Schnouer, Schéier, Schal



Hues du Loscht als Volontaire fir d'ONGD ze schaffen?



Entwécklungsaarbecht kenneléieren, eis Partner an hir Aarbecht a Bolivien, Senegal an am Niger begleeden, Aktivitéiten iwwer Entwécklung mat Scoutsgruppen virbereeden !

Wann s du interesséiert bass, da mell dech bei eis :
26 94 84 24 (Elisabeth Voyeux) oder contact@ongd-lgs.lu



SPLASH 2016

317 Participanten

Den Erléis geet un déi 5 Odyssee-Projeten



Eng Odyssee

a wéi si entsteet... Suite

Brasilien:

9.08. - 23.08.2016

Si sinn zu 27ännerwee. Zesumme mat brasilianesche Jonke bauen si en 2. Stack op en Centre Kulturell.



Äthiopien

30.07.-13. 08.2016

Si sinn zu 35ännerwee. Zesumme mat hirem Partner, dem äthiopesche Guiden- a Scoutsverband, bauen an amenagéieren si eng Camplaz.



Preparatioun vun der Odyssee 2016

An e puer Wochen ass et esou wäit, mir huelen den Depart fir ons 5 Projeten.

Hei sinn e puer Impressioune vun der Virbereedung fir deem grouss Adventure.

Op mir en Prepa Weekend, e Benefiziessen oder iergend eng aner Fundraising Aktioun hunn, mir hunn virun allem vill Spaass. Ech wënschen ons all eng super an eemoleg Erfahrung an hoffe mir gesinn ons all op der grousser Odyssee Night de 26. November erëm.

Anne Blau

Bosnien

16.07. - 7.08.2016

Si sinn zu 20ännerwee. Zesumme mat kroateschen a bosnesche Guiden a Scoute bauen si eng Reithal fir therapeutesch Zwecker rem op, di ofgebrannt wor.



Georgien

30.07.- 26. 08. 2016

Si sinn zu 33ännerwee. Zesumme mat hirem Partner, dem georgesche Guiden- a Scoutsverband amenagéieren si wieder di Camplaz, wou schon 2013 e Projet wor.



Haiti

26.07- 10.08.2016

Si sinn zu 28ännerwee. Zesumme mat haitianesche Guiden a Scoute schaffen si an an em d'Schoul vun hirem Partner Action Avenir Haiti a gi Beem planzen.



Mérite Jeunesse

Proud to be

Bénevolat : ✓
Talents et Compétences : ✓
Sport : ✓
Expeditioun : ✓


Maach och matt, et ass fir d'ech !

Infos an Umeldung op mérite@lgs.lu
Op der Foto: Shirin Vandivinit vum Duelem



Impressum

LGS Zeitung- N°3, 2015/2016
Zäitschrëft vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten, kënnt 3 mol am Joer eraus.
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer :
Zeitungsekip, Branchenekippen, d'Team, Verbandssekretariat&Safab, PR-Ekip, lokal Gruppen
Fotografen : LGS, lokal Gruppen, PR-Ekip
E grouss Merci, deenen, déi zu dësem Platte Knuet bäigedroen hunn !
Editeur :
Lëtzebuurger Guiden a Scouten
5, rue München-Tesch
L-2173 Luxembourg
www.lgs.lu
Contact : platteknuet@lgs.lu
Dréckerei :
Print Solutions
Gedruckt op 100% recycléierter Pabeier
Oplo : 4500 Stéck



LIBO recommandéiert lech Wildnis erleben

Dieses Buch will Jugendliche ins Freie locken, um die Natur in all ihren spannenden und aufregenden Facetten zu erleben. Einfach umsetzbare praktische Anleitungen und Tipps zu allen Themen rund um die beliebtesten Outdoor-Aktivitäten.



Save the date!

Als Albatross, Mataarbechter, Ënnerstëtzer,... um GoUrban!

Fir e Camp vun der Gréisst vum GoUrban: 10 Deeg, 4500 Jonker aus der ganzer Welt, 3 Big Events,... brauche mir vill Hänn déi matupaken. Wann's du eis derbäi hëllef weills datt dëse Camp e vollen Erfolleg gëtt bass du häerzlechst invitéiert op de Chefdaag de 24.9. zu Diddeleng. Hei kriss du Infoen an Detailler iwwert all Beräicher wou mer nach Staff sichen.

Am einfachsten ass et wann s du dech am viraus bei dengem lokale Gruppechef fir de Chefdaag 2016 umells deen ausnahmsweis fir all d'Ënnerstëtzer vum GoUrban op ass.

Vill weider Infoen fënns du och elo schonn op www.gourban.lu



Exp.: Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Luxembourg
Port payé
P/S.400

www.lgs.lu